piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

A fréiere parlamentaresche Froen (z.B. n° 481) hat ech ëm Informatiounen iwwert d'Flich vun de Regierungsmemberen mat Privatjets gefrot an och geliwwert krut.

Een Tageblatt-Artikel vum 11ten Oktober mam Titel "Economy oder Business" beriicht iwwert d'Fluchgewunneschten vun der Exekutiv a verschiddene Ministèren, wou ëfters Mol op d'Business-Klass zeréckgegraff gëtt, grad wa Regierungsmembere mat u Bord sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Euro goufen am Joer 2023, 2024 fir Fligerticketen ausginn, opgelëscht no Ministère?
   Wéi deelen sech dës Käschten op tëschent der Economy, Business an eventuell First-Class?

2. Wéi vill Fliigerticketen goufen 2024 kaf, opgelëscht no Ministère?
   Wéi deelen sech dës op tëschent der Economy, Business a First Class?

3. Wéi eng Ministèren hunn an de leschte 5 Joren ee Privatjet fir ee Fluch genotzt? Fir wéi eng Fluchstreck war dëst (Depart & Arrivée); wat waren d'Käschte vum Fluch a wie waren d'Notznéisser (Ministère)?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Kann d'Regierung d'Lëscht aus der parlamentarescher Fro n°481, mat all de Flich aus de leschten 2 Joren, fir déi ee Privatjet genotzt gouf, mat de Flich aus de Joren 2024 an 2025 aktualiséieren?
5. Wéi oft sinn déi verschidde Regierungsmemberen an de leschten 3 Joren Business Class oder First-Class geflunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten